

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

« Als Waasser- a Kuelestoffspäicher spillen eis Bëscher eng wichteg Roll am Kampf géint de Klimawandel. Gläichzäiteg leiden d'Bëscher och zu Lëtzebuerg ëmmer méi un de Suite vun der Äerderwiermung, ë.a. duerch d'Dréchent an de Borkenkäferbefall, deen doduerch begënschtegt gëtt.

Aus deem Grond huet d'Madamm Ministesch och am November 2019 den neien Aidenkatalog « Klima-Bonus » presentéiert. Donieft gouf awer och ugekënnegt, de Règlement grand-ducal iwwer finanziell Hëllef am Bësch vun 2017 während 2020 nach méi déifgräifend op de Leescht wëllen ze huelen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- Wéi vill Demande fir finanziell Hëllef si beim Ministère zënter der Aféierung vum neien Aideprogramm « Klima-Bonus » erakomm? Wéi vill sinn der accordéiert ginn? Fir wéi eng Zorten Aarbechten sinn d'Aiden accordéiert ginn? Wéi e Montant un Aiden ass ausbezuelte ginn?*
- Wéi vill Demande goufen deposéiert fir Berodung a Formatioun? Wéi vill sinn der heivunner accordéiert ginn?*
- Huet de Ministère eventuell Donnéeën doriwwer, wéi vill Ar an de leschten 3 Joer nei ugeplantz gi sinn, nodeems eng Coupe rase wéinst Borkenkäferbefall néideg ginn ass?*
- Op wéi ville Plazen am Land ginn et Experimenter, wou net-indigen Bamzorten ugeplantz ginn, en vue vun enger eventueller méi breeder Uplanzung vun alternativen Aarten, déi besser un*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

de Klimawandel adaptéiert sinn ? Fir wéini wier mat éischte Resultater ze rechnen ?

- *Wéi wäit ass d'Elaboratioun vum ugekënnegten Outil « fichier écologique des essences » ?*
- *Wéi vill Prozent vun den öffentleche Bëscher sinn FSC an/oder PEFC zertifizéiert ? Fir de Fall wou verschidde Bëscher kee vun den zwee Labelen hunn, gëtt ugestrief, dass all d'Bëscher an öffentlecher Hand mat engem vun den zwee Labelen zertifizéiert sinn ?*
- *Wéi wäit sinn d'Aarbechten un der Reform vum Règlement grand-ducal vun 2017 ? »*

Mat déiwem Respekt,

Gilles BAUM
Deputéierten

Max HAHN
Deputéierten